N° 8280
Entrée le 20.10.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

**Réponse commune de Monsieur le ministre de l'Économie, Franz Fayot, de Monsieur le ministre des Classes moyennes et du Tourisme, Lex Delles, de Monsieur le ministre de la Sécurité sociale, Claude Haagen, de Monsieur le ministre de la Famille, Max Hahn, et de Madame la ministre de la Protection des Consommateurs, Paulette Lenert, à la question parlementaire n°8280 du 1. septembre 2023 de Monsieur le Député Marc Goergen au sujet de la compensation de l'index**

1)

Den Tripartitesaccord, deen de 7. Mäerz 2023 ënnerschriwwe gouf, gesäit vir dat de Staat, iwwer d'Mutualité des employeurs, vum Ausléise vun der 3. Indextranche am Joer 2023 bis Januar 2024 mat, den zousätzleche Käschtepunkt fir dës Indextranche iwwert déi genannt Period wäert kompenséieren.

D'Zil vun dëser Mesure ass dat d'Ausléise vun der 3. Indextranche finanziell ofgefiedert gëtt fir dat d'Betriber Zäit hunn sech unzepassen.

Dës Mesure gräift fir all Betrib, deen an der Mutualité des employeurs affiliéiert ass.

2)

Dat modifizéiert Gesetz vum 16. Dezember 2022 iwwert d'Participatioun vum Staat um Surcoût vun den Energiekäschten an den Alters- a Fleegeheemer an an de logements encadrés[i] seet, dass keng Hëllef geschëllt ass, wann de Bedreiwer wärend der concernéierter Period seng Pensiounspräisser héicht. Vun dëser Dispositioun ass awer d'Hausse vum Pensiounspräis, déi duerch eng automatesch Indexéierung bedéngt ass, net concernéiert. Esou steet am Artikel 3. vun dësem Gesetz, dass „[…] *Ne sont pas visées par cette disposition les adaptations des prix à l'évolution de l'échelle mobile des salaires* ».

3)

Generell kann d'Regierung net allgemeng eng Erhéijung vun de Präisser verbidden oder limitéieren, och net an der Period, déi d'Basis vun der Kompensatioun vun der 3. Indextranche 2023 duerstellt. Esou eng Mesure ass net mat der nationaler an europäescher Gesetzgebung kompatibel.

Et ass drop hinzeweisen, dass Präisser net eleng duerch d'Paie vun de Salariéë bestëmmt ginn. Eng ganz Partie Facteuren hunn en Impakt op d'Präisser, ënnert anerem d'Präisevolutioun vu Matière premièren oder Tëscheprodukter.

De Code de la consommation gesäit explizitt vir, dass de Präis vun engem Produkt oder Service muss kloer affichéiert sinn. Dëst gëtt vun de Servicer vum Enforcement am Konsumenteschutzministère och reegelméisseg kontrolléiert. Präisevolutiounen op

Produit'en a Servicer ginn et natierlech ëmmer nees an eng Firma ass net verflicht dem Client eng schrëftlech Justifikatioun fir eng Präiserhéijung ze ginn.

All Konsument ka bei enger Evolutioun vun de Präisser Detailer nofroen, reklaméieren oder op aner Produkter oder Servicer zeréckzegräifen.

Bei de Marchés publics, wou den Staat als Client agéiert, ass zum Beispill virgesinn, dass et keng duebel Entschiedegung fir d'Indextranche gëtt. Iwwert eng Circulaire ass festgehalen, dass ze evitéieren ass dass Betriber, andeems se eng Präisupassung am Kader vun der Ausféierung vun engem marché public ufroen, souwuel eng Präisupassung wéi och eng Entschiedegung ënnert dem Solidaritéitspak 3.0 kréien, fir de selwechte Marché, deen an der Period vum 1. September 2023 bis den 31. Januar 2024 ausgefouert gëtt.

Luxembourg, le 20/10/2023

Le Ministre de l'Économie

(s.) Franz Fayot

[i] Loi du 16 décembre 2022 autorisant l'État à participer au financement du surcoût des produits énergétiques et d'électricité supporté par les centres intégrés pour personnes âgées, maisons de soins, logements encadrés pour personnes âgées et centres psycho-gériatriques agréés en vertu de la loi modifiée du 8 septembre 1998 réglant les relations entre l'État et les organismes oeuvrant dans les domaines social, familial et thérapeutique